N°3359
Entrée le 05.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3359 vum 17. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo.**

*- Wéi huet sech d'Gripp zanter Ufank Dezember bei eis entwéckelt?*

D'Gesondheetsdirektioun publizéiert all Woch an der Press d'Evolutioun vun den dräi Haaptinfektiounskrankheete vun den Otemweeër, d'Gripp, de COVID-19 an d'RSV Infektiounen. Aktuell si mir kloer an der järlecher Infektiounswell vun der Gripp ukomm, déi awer bis elo net méi schwéier wéi soss ausfält, mee sech just em ongeféier eng Woch méi fréi entwéckelt.

*- Kann een elo scho vun enger intensiver Grippe schwätzen?*

Nee, fir vun enger intensiver Grippe ze schwätzen ass et nach ze fréi.

*- Wéi ass zur Zäit den Impfstatus, besonnesch bei deene méi vulnerabele Leit?*

D'Gesondheetsdirektioun huet keng detailléiert Informatiounen iwwert den Impfstatus well mir zu Lëtzebuerg keng Obligatioun hunn fir seng Impfungen ze mellen. Doriwwer eraus wéisste mer och wann d'Impfungen zentral erfaasst géife ginn, net onbedéngt wéi eng Persoun vulnerabel ass, ausser fir de Krittär "Alter iwwert 65 Joer". Mir wëssen awer dass bis den 12. Dezember schonns 103'611 Dose vun Impfstoff vun de Grosisten an d'Apdikten ausgeliwwert gi sinn. Dëst ass méi wéi déi virlescht Joren.

*- Sinn genuch Impfstoffer disponibel?*

Aktuell fänkt europawäit de Standard Impfstoff géint Gripp u knapp ze ginn. Et bléift awer nach genuch héich-doséierten Impfstoff fir eeler Leit disponibel, deen zu Lëtzebuerg recommandéiert ass fir Leit vu 65 Joer un.

*- Ass eng Impfung elo nach ze empfeelen?*

Wéi an de wéchentleche Communiquéë vum Ministère schonns erwäänt, kann een sech nach ëmmer impfe loossen, well de Pic vun der Epidemie nach net erreecht ass. Dëst betrëfft prioritär Leit vu 65 Joer un.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*- Wéi ass zur Zäit d'Belaaschtung vun eise Spideeler?*

D'Gesondheetsdirektioun huet Informatiounen dass d'Fäll vun Otemweeinfektiounen an den Urgencë vun de Spideeler an d'Luucht ginn, déi elo ongeféier 10% vun de Consultatiounen ausmaachen, ouni dass et awer zu enger aussergewéinlecher Zuel vun Hospitalisatioune kënnt. Dëst ass och well am Moment nach déi meeschte Grippe Fäll bei de Kanner a Jugendlecher sinn, déi manner Risiko fir Komplikatiounen hu wéi déi eeler Bevëlkerung.

*- Wéi ass d'Situatioun an eisen Alters- a Fleegeheemer?*

Aktuell gi ganz wéineg Fäll vu Gripp bei Leit iwwert 80 Joer gemellt, wat déi typesch Populatioun vun den Alters- a Fleegeheimer ass. Dëst ass warscheinlech och d'Resultat vun den effiziente Grippeimpfkampagnen an dësen Institutiounen.

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez